

M1 Hêmechtssprôch (1896)

„[...] Zweetens, als waarme Frënd an Unhänger vum allgemenge Wiel- a Stëmmrecht, muss ech natierlech drophalen, datt ons Vollekssprooch hei an der Kammer op d’mannst déiselwecht Berechtegong huet wéi déi friem. Onsen Escher Kantong huet Léiergeld mat der friemer Sprooch ginn; en hat laang genoch grous Leit hei sëtzen, déi net esou kéng woren, de Mond opzedoen an hir Meenong am Intressi vum Kantong a vum Land auszedrécken, well se dat an der friemer Sprooch net konnten, a well se de Mutt net haten, et an der Heemechtssprooch virzebréngen.

An engem Parlament, dat aus alle Klasse vun der Bevëlkerong zesumme gesat ass, wéi et am „suffrage universel“ jo muss sinn, do ass déi Sprooch, déi ons vu Papp a Mamm vun uralen Zäiten hier iwwerkommt ass, déi eenzeg, déi no alle Säiten an an allen Ecke vum Land gutt verstaange gëtt, während de friemen Ausdrock vernënfteger Weis näischt weider beusproche kann, als wéi toleréiert ze ginn, well et nach Leit am Land gëtt, déi hir Erzéiung an der friemer Sprooch kritt hunn. [...]”

Quell: Caspar Mathias Spoo: „Heemechtssprooch. Ried an der Chambersëtzonk vum 9. Dezember 1896“ an: Jeff Baden et al. (Ed.), 2012. *Litaresch Welten. Eng Lëtzebuenger Anthologie an dräi Sproochen*, Lëtzebuerg, S. 98-100.

M2 An der Politik

„An der Chamber ass de Gebrauch vun där enger oder anerer Sprooch net formell bestëmmt. Dat beweist d’Wichtigkeet vun de linguistesche Rechter, déi d’Deputéierten hunn. An deene leschte Joren ass dat Franséisch ëmmer méi vun der Tribün an der Chamber verschwonn an huet dem Lëtzebuergeschen d’Plaz iwverlooss. Esou sinn an de meeschte Fäll déi reegelméisseg Debaten an d’Rapporte vun den öffentleche Sëtzunge vun der Chamber op Lëtzebuergesch. Nëmme bei schrëftleche Matdeelungen, wéi bei grousse Deklaratiounen oder parlamentaresche Froen, zéien déi Deputéiert nach Franséisch dem Lëtzebuergesche vir. Am Allgemenge kritt déi schwaach Presenz vum Däitschen am nationalen öffentleche Liewen e Géigegewicht um Niveau vun de Gemengen. Dacks fënnt een dem Goethe seng Sprooch, nieft dem Franséischen, dem Lëtzebuergeschen oder souguer dem Engleschen am Gemengebuet, eng Publikatioun déi d’Bierger iwvert dat soziaalt, kulturellt, politesch oder finanzielt Liewe vun der Gemeng informéiert. Dëse Choix häng ganz einfach vum linguisteschen Hannergrond vun den Awunner vun der Gemeng of.“

Quell: Informatiouns- a Pressedéngscht vun der Regierung, 2022. *apropos. Sproochen zu Lëtzebuerg*, Lëtzebuerg, S. 7



Thema „Walen“ am Unterrecht

Aufgaben

1. M1: Einzelaarbecht

- Den C. M. Spoo schwätzt a senger Ried vun där „friemer Sprooch“, wat fir eng Sprooch ass domat gemengt?
- Wat ass säin Haaptargument, dës Sprooch net méi an der Chamber ze benotzen?

2. M2: Gruppenaarbecht

- Wéi ass d'Sproochesituatioun vum Parlament haut? Wéi ënnerscheet sech dës zum Sproochgebrauch an de Gemengen?
- Wat si Vir- an Nodeeler vun der aktueller Situatioun?
- Wéi géingt dir d'Sproochesituatioun an der Politik ugoen? Géingt dir se änneren oder esou loossen? Erkläert an argumentéiert.

Autor: Pol Breser, 2023

